N°3408
Entrée le 26.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°3408 vum éierewäerten Deputéierten Sven Clement**

1. **Firwat hunn d'Lëtzebuerger Autoritéiten iwwer véier Woche gewaart, fir op eng Kontaminatioun ze reagéieren, déi schonn de 12. Dezember bekannt war?**

Am Dezember huet Nestlé aus Virsiichtsmoossname fräiwëlleg eng limitéiert Unzuel u Lousnummere vu Puppelchersmëllech a verschiddenen europäesche Länner zeréckgeruff, nodeems Cereulide a fäerdege Produiten detektéiert gouf. Dës analyséiert Produite stamen aus enger spezifescher Fabrick aus engem anere Memberstaat. Lëtzebuerg war net vun dëser Distributioun betraff. Vu datt dës Produiten net zu Lëtzebuerg um Marché waren an dowéinst kee Risiko fir d'Lëtzebuerger Populatioun bestanen huet, hunn d'Lëtzebuerger Autoritéiten zu deem Zäitpunkt net kommunizéiert.

Doropshin huet Nestlé eng Enquête zur Ursaach vun dëser Kontaminatioun duerchgefouert. Ufanks Januar konnt Nestlé dunn confirméieren, datt d'Kontaminatioun op ee Rostoff vun engem externe Liwwerant zeréckzeféiere ass. Nodeems d'Traçabilitéit vun de betraffene Produiten, déi mat dësem kontaminéierte Rostoff hiergestallt goufen, vervollstännegt war, goufen déi concernéiert Memberstaate vun Nestlé kontaktéiert an d'Produite goufe vum Marché zeréckgezunn an zeréckgeruff. Nodeems der ALVA dës Informatioune virlouchen, goufen dës Réckriff iwwert verschidde Kommunikatiounskanäl matgedeelt:

All Warnung gëtt systematesch op dem Liewensmëttelsécherheetsportal (www.securite-alimentaire.public.lu/fr/actualites/alertes), iwwert d'Email-Newsletter (Umeldung méiglech iwwert de Portal: www.securite-alimentaire.public.lu/fr/support/alerte), op der mobiler App „LU-Alert" souwéi op dem LU-Alert Internetsäit (www.lu-alert.lu) vun der ALVA kommunizéiert. Ofhängeg vun der Risikobewäertung kann och e Pressecommuniqué zousätzlech veréffentlecht ginn. An dësem Fall huet Nestlé no Récksprooch mat der ALVA och ee Pressecommuniqué un d'Lëtzebuerger Press geschéckt fir de Lëtzebuerger Konsument ze informéieren.

2. **Wéi rechtfäerdegt d'Regierung dës inakzeptabel Verzögerung, wou et ëm d'Gesondheet vu Bëbeeë geet an aner Länner wéi Dänemark oder Ungarn direkt gehandelt hunn?**

Op Basis vun de Grënn, déi an der Äntwert op déi éischt Fro genannt goufen, huet d'ALVA soubaal se informéiert war datt betraffen Produiten och zu Lëtzebuerg commercialiséiert goufen dës Informatiounen public gemaach.

3. **Wéi vill Bëbeeën zu Lëtzebuerg hunn eventuell kontaminéiert Produkter konsuméiert, well d'Autoritéiten net fréizäiteg gewarnt hunn?**

Wéi an der Äntwert op déi zweet Fro erkläert, ass et an dësem Dossier keng Verzögerung an der Kommunikatioun ginn.

Nestlé huet confirméiert, datt bis elo kee Krankheetsfall am Zesummenhang mat deene betraffene Produiten bestätegt gouf. Op Nofro hin hunn déi zoustänneg Servicer vun der Santé d'ALVA informéiert

datt zu Lëtzebuerg keng Krankheetsfäll duerch d'Consommatioun vun dëse Produiten gemellt goufen. Och am RASFF-System huet keen anere Memberstaat ee Krankheetsfall genannt.

4. **Wat ass de konkrete Grond dofir, dass d'RASFF-Informatiounen net direkt un d'Ëffentlechkeet weidergi goufen, obwuel dat de Sënn vun dësem europäeschen Alarmsystem ass an et sech ëm e Produit fir ganz kleng Bëbeeën handelt?**

Wéi an der Äntwert op déi éischt Fro erkläert, sinn d'Informatiounen, ab dee Moment, wou Lëtzebuerg betraff war an déi relevant Donnéeën der ALVA virlouchen, vun der ALVA kommunizéiert ginn.

5. **Wéi eng Konsequenze wäert d'Regierung aus dëser geféierlecher Negligence zéien, fir ze garantéieren, dass esou Versoen sech net widderhëlt?**

De System huet vun deem Moment un, wou Lëtzebuerg betraff war, korrekt funktionéiert.

Lëtzebuerg, den 26. Januar 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau